


FIR DRONKEN ZE GINN

Vum Alen-
an den Neien-
hannescht
an de Kapuziner-
an elo nees an de
Groussen Theater...



"Kiischtebléien", 2003

Fir dronken ze ginn, zemol wann s d'an den Alter kënns an du dreems net, mä du stees wierklech uewen um Balcon an du kucks erof op déi Gewan vu Bühn an hannert der Bühn op d'Hannerbühn, op déi sëlliche virwëtzig Männercher, Frächercher a Kënnercher: Dëse spéide Summer-sonndeg komme se a ginn trappweis duerch d'Porte ouverte a paff sinn se, wat sech do alles gedon huet an deene fënnel Joer op der Sich nom Asbest...

A wéi kënnt et anescht sinn: Gaangs spiess de dech véierzeg Joer méi jonk (natierlech nëmmen am Kapp!) an du hues erëm dee vereeschtleche 1963-ger Schantche vrun Aen:

Wann ech vun der Schaff heemgoung op de Lampertsbiërg, da sinn ech och emol bis eragetrëppelt an deen immense betongs Bunker; dat war zwar verbueden fir déi, déi do näischt verluer haten, ma ech hu gemaach wéi wann ech do eppes verluer hätt, a kee Mënsch huet eppes gesot.

Et war alles nach réi... Ech sinn eng laang Rëtsch Trapan eropgeklotert, breet Flaatschen am Véierelskrees ugeluet: dodrop sollten d'Fotelle stoe kommen. An uewen um hënnestchen Träpplek gesouch ech op eemol d'Männercher... Neen, et

waren net d'Männercher, et waren d'Aarbechter, déi mam Chef diskutéiert hunn. Bass de geckeg, hunn ech mer geduet: Hei muss de scho bal d'Spektiv matbréngen, fir deene butzege Borschten donidden op der Bühn zerguttst kënnen an d'Gesicht ze gesinn. Well dat vereeschtlech véiereckegt Lach, dat sollt d'Bühn ginn. Si missten an de Mikro schwätzen oder brëlle wéi e Far, wann ee se heuewe sollt verstoen. A wat der Däiwel geet s'un, esou e kolossalen Theater opzerichten? Bal dausend Plaze krit en, huet et geheescht. (De Balcon war nach net gebaut deen Ament: dee war jo eng vun den Ursaache vum Sträit tëscht dem Architekt Bourbonnais an eisen Autoritéiten) Mir aner hunn nach ëmmer gemiess a verglach mat eisem alen Theaterchen aus der Kapuzinergaass an natierlech hate mir net déi Virstellungen an Ambitiounen wéi eis Politiker, déi um Rond-Point-Robert-Schuman mat dësem Monument d'Europäer wollte lackelen...

Mir waren awer och frou fir kënnen derbeizesinn, en neit Kapitel Stater Theatergeschicht opzeschlou... äis an neie proppere Logen ze schminken (waren s'och nach esou kal an ongemitlech)..., op eng Gewan vu Bühn ze schrëcken, déi äis erausgefuedert huet, eise Mann ze stellen...

Mä huerteg schonn hu mer gespiert, wéi weéne mir als Acteuren mat deem Neien Theater gewonn haten a wéi vill mat deem Ale verluer. Eng vun eisen Haaptsuerge war d'Akustik. Elo eréischt hu mer gemierkt: Mä nondikass, donidden an där aler Fléikëscht war d'Akustik awer formidabel verglach mat heuewen! Do hues de net brauchen ze birelen fir datt deen an der leschter Rei um Juck nach alles konnt matrëien...

Grouss Schauspiller aus dem Ausland, déi och nach am Alen Theater opgetruede waren an elo op där neier Bühn gespilt hunn, goufen net fäerdeg, d'Heemlegkeet vun donidden ze luewen, déi se heuewe leider net konnte fannen. De Kontakt mam Publikum war einfach net méi do. Dee berühmte Fonken, dee soll eriwwersprange vun der Bühn an de Parterre, ass nawell gär iwrem laange Spronk verglousst. Do hate mer Krämpes...

An dann d'Leit! Wuer ginn s'elo an der Paus? An dee Bretz-Foyer... braddelen an téinen iwwert alles wéi net iwwert d'Stéck, wat se just gesouchen... Sech weisen: dat neit Kleed, d'Bijouen, déi natierlech hei ënnert deene Monster-Lüsteren méi fënkelen wéi fréier an der "Stuff" vis-à-vis vum Theater oder nëmmen a Müllesch. Et sief: déi Geschicht musse mer vergiessen, well mir stiechen an enger neier...*

A beë, an där fonkelneier Geschicht vun Haut huet sech muenches gedreit: net nëmmen d'Bühn, déi ewell wierklech dréit, du muss just de richtege Code eraginn (fréier hätte mer gesot: de Knäppchen drécken); si, d'Bühn, ka grad esou gutt plazeweis an d'Gette gon, ënnert denge Féiss an de Keller, den *Underground*, oder d'Luucht aus an d'Soffitten. Eng Hällewull där Konschten an Tricken kanns d'aspäicheren an ofruffen an der Sprooch vun Haut, ounst de Réck wéi ze kréien oder d'Fangere knaschteg. An d'Akustik, soe se, wier ewell *optimal*. Als echten Theaterfreak gees d'awer am beschten expériméitéieren an de komplett réaménagéierte Studio, déi fréier Schongkëscht, e Sall fir alles an näischt... deemools.

Datt am Foyer d'Lüsteren nach ëmmer fénkelen, da's eng Konzessioun un d'Dammen an hir Bijouen. A wa bis d'Barrière richteg funktionéiert fir an de Parking ënnenan, de Bistro fäerdeg ass (eng Kantin fir d'Artisten?), da brauchts de just nach déif an d'Täsch ze gräifen an du kënnst dréchen eran an d'Groussen Theater a vläicht *geläutert* nees eraus, well, éierlech: leschten Enns hues de do méi gemaach fir

deng Kultur wéi doheem an de Schlappen beim Backes oder soss engem Beckmann. Datt et dech an äis alleguer eng gehéiereg Staang Geld kascht, dofir gëtt awer net gegrommelt, wannechglift! Well d'Kultur ass e Sport wéi en aneren.

Vum Alen- an den Neien-, hannescht an de Kapuziner- an elo nees an de Groussen Theater? Eppes wéi e Päerderchesspill, de Päiperleck, op an of a ronderëm. Wou soll et der do net dréien am Kapp?

Hannescht an de Kapuzinertheater... da's och schonn e Strapp hier: 20 Joer?

Et muss ee son, datt mer éischer mat gemëschte Gefiller nees op där Bühn opgetratt sinn, déi mer gutt zwanzeg Joer virdu verlooss haten: et war déiselwecht an dach eng ganz aner... Du konns son: Genee hei op dëser Plaz stoungs de fir d'lescht 1963 am "Jean Chalop" an du waars traureg an anengems frou, wéi s de hues misse gon... An elo wou s de frou solls sinn, kenns de dech net méi erëm. Du sichts no denger Loge. Si féieren dech Trapen erof duerch e laangen eidele Gank, du mengs du kéims an eng Klinik. Du kanns keng

Fenster opman an op d'Theaterplaz kucken: et gëtt keng Fenster méi op d'Theaterplaz...

A wou hänkt dee schéine grouse Spigel, eng Grimmell blann laanscht d'Rumm, an deen s de nach séier e Bléck geheis iers d'op d'Bühn gees; eng Kéier um Schierteg gezunn, un der Krawatt, der Paréck, duerch d'Fliichte gefuer...? D'hëlzen Trap erofgejauft, datt et nëmmen esou quiitscht a kraacht, ëmmer um leschte Stéppel, ëmmer een, deen der d'Klappdier ophält fir op d'Bühn, de Fanger op de Mond leet: Pssst! 't ass un! Den Diederrich huet scho fir d'drëtt getuppt, de Rido opgekierpt... Eng wodelech Léftche schlauft der duerch d'Gesicht, et verschléit der den Otem, du schlécks, du bass dréchen an der Strass, du kriss keen Toun eraus, et ass un dir, du weess keen Text méi, kee Wuert, mäi Gott... a scho kënnt et awer geschoss wéi aus der Flënt...

An direkt nieft dem Spigel: d'Dier fir am Josy säin Allerhellegst; en Atelier, eng Kummer, e Büro? Keng Plaz fir ze setzen, keng fir ze stoën. Bicher, Biller, Zeechnungen, Croquien, Maquettes: um Dësch, op de Still, um Buedem, an der



"Ënnerwee", 1978
Juliette François a Pol Greisch

"Den Här an d'Madame Tullepant"
(Dicks-Feier, 1955)

FIR DRONKEN ZE GINN



"Gross Vakanz", 1980
Juliette François, Fernand Fox a Michel Bock

Luucht, un de Wänn... Kostümer, Boken, Hitt, Kulissen, aler an neier, Faarwendëppen, frësch a verdréchent, Biischten, Geschier eng Hällewull; en Duerjerneen wou nëmmen de Josy sech kann dran erëmfannen... Wou ass de Josy...? A wuer gees de haut dee ganz spezielle Geroch sichen, deen onbeschreiflichen: no alem schwéiere Stoff, no Faarf, Parfüm a Stëps a Schweess...? Alleehëpp, géff der e Coup, et huet kee Sënn ze dreemen: wat gëschet war, ass haut ewell laang eriwwer...

Wat méi uerg ass: Alt nees gouf en Theater (ëm)gebaut fir vill Geld an alt nees gouf Elementares, wat onbedingt dra gehéiert, vergiess oder einfach ënnerlooss, mat anzeplangen: eng Dréibühn, eng Versenkung, en Atelier, op d'mannst e Schräineratelier! D'Infrastruktur dëssäit der Ramp ass dach an engem Theater, dee soll zerguttst funktionéieren, d.h. kreéieren, dat allerwichtigst! Waren déi kompetent Leit nees net kompetent genuch, fir ze gesinn, wou Prioritéite setzen? Gouf nees op der falscher Plaz gespuert? Sinn erëm eng Kéier déi richtig Fachleit beim Plangen net gefrot ginn? Oder huet einfach kee Politiker dru wëllen denken, datt een am Kapuzinertheater e gudde Schrack méi wäit misst goen, wann een hei net d'Gefor wëilt lafen, nach e "Centre culturel" bei déi sëllechen derbäi ze setzen?



"Margrëitchen"
(1986)
Juliette François
a Pol Greisch

Natierlech huet och missen un d'Veräiner geduecht ginn. Och si sollten an deem Haus iergendwéi ënnerdaach kommen. Schéin a gutt, ma et dierft awer net passéieren, datt den Acteur ennen op der Bühn de Fuedem an d'Nerve verléiert, wann a säin intimste Monolog eran (souguer nëmmen an der Prouf) op eemol d'Stadmusék drafällt..., wann d'Patere lauden fir an d'Andacht..., oder wann driwwer d'Luxair hiren déckste Brommert défiléiere léisst... D'accord, ech sinn och fir e friddlecht Nieftenaner, mä en Theater muss einfach "impermeabel" sinn. Net nëmme géint de Reen an de Schnéi; op der Bühn fällt dee souwisou aus de Soffitten.

Et bleift viles ze verbessern..., awer dat kann ëmmer nëmme Fléckaarbecht ginn.

Ma 't sief: de Kapuzinertheater steet a geet. A mir si frou, trotz, trotz an trotz. A säin Direkter hält vill méi draus eraus, wéi ee kënnt mengen, datt drastéich. D'Formel vun der eegener Produktioun a Koproduktioun erlaabt eng Zesummenaarbecht vun alle Säiten op beschtem Niveau, vum forméierten Amateur iwwert den Hallefberuflechen bis zum pure Professionellen. Lëtzebuerger Artisten vun heiheem a vun dobaussen fannen op eemol matzen an der Stad eng Plattform fir sech ze realiséieren: dat eleng schon ass formidabel, well dat gouf et hei nach ni. Dreem gi Wierklechkeet, un déi e Pionéier wéi den Tun Deutsch a senge kängsten Amenter net gegleeft hätt...

A wéi mer d'"Margréitche" gespillt hunn, dun hu mer d'Leit gespiert donidden am Sall; et war nees wéi fréier a bal hu mer vergiess, wat alles op deem laange Wee äis géint d'Gemitt goung a géint de Stréch...*

Et bleift viles ze verbessern... Abee, 't muss ee son: *Chapeau!* Am Groussen Theater hu mer elo (endlech!) dat wat en Theater vun haut sech schëlleg ass: eng technesch Infrastruktur fir déi muencher Fachmann dobaussen äis ka beneiden. An dat hu mer fir d'éischt – wann ee wëllt zynesch sinn, da kënnt ee son:– dem Asbest ze verdanken. Natierlech: Hätt d'Stad de Portmonni net grous opgemaach, dann hätt de Wonsch an d'Gedirängels vu kompetente Leit, fir endlech Remedur ze schafen, och näischt bruecht.

Ze wënschen ass, datt déi formidabel Spill-Méiglechkeeten vun haut voll kënnen ausgenotzt ginn..., datt se sech kënnen amortiséieren..., datt duerch déi weltwäit miserabel wirtschaftlech Situatioun, déi och

äis vläicht mar schonn ze pake kritt – si hält bestëmmt net stall vrund eise Grenzen – déi Responsabel net forcéiert ginn, de Krunn zouzedréien, knapps datt mer den Dususcht eng Grätz konnte läschen. Well – dat wësse mer – gespuert gëtt leider fir d'éischt un der Kultur...

Du muss scho vum Lämmes gebass sinn, wann s d'elo e Stéck schreifs, an deem s d'op der Bühn onbedéngt eng *Versenkung* brauchs, net well s de denks, et géing och mam Theater geschwë biergof knapps no där grousser *Euphorie*, mä eleng nëmmen well s de mungs, den Direkter vum Groussen Theater géif dir, well s du et bass, seng *sophistiquéiert* Zauberkëscht léinen, fir dass du dech och nach séier

"E Stéck Streisel", 1992 – Juliette François a Pol Greisch



kanns défouléieren mat deene grouse Muppen: dat wier en ze deiere Spaass. Do hues de scho besser, du klapps u beim Direkter vum Kapuzinertheater: dee baut souwisou a säin neie Bühnebuedem eng zerguttstert Trapp, heescht et. Vlächicht kanns de dann dodran deng Obsessioune begruewen... an deng Dreem...

Pol Greisch

* aus: 150 JAHRE THEATER IN LUXEMBURG...
"Blummen um Wee a Steng an de Féiss"
Amphitheater 7/8, Spezialheft.

"E Platten", 1995
Marc Olinger, Juliette François
a Pol Greisch

